1. **Wart Dir an Ärer Jugend Mêmber vun engem Jugendmouvement, resp. enger Jugendorganisatioun?**

   Wa „Jo" wat huet Iech dat bruecht?
   Spaass, Freed, Frëndschaft, Wëssen, Gemeinschaft, wäertvoll Erfahrungen, Denkustéiss.

   Wa „neen", firwat nët?
   /

2. **Féiert dës Sätz virun:**
   Et gët ménger Menung no nët d'Jugend vun haut, mee Jonker mat verschiddenen Erfahrungen, Wertvirstellungen an Zukunftsperspektiven.
   D'Jugend vun haut as an enger Konsumgesellschaft an awer zum Deel ganz engagéiert a generéis.
   D'Jugend vun haut huet engersäits vill Choix (Beruffer, Ennerhalung, Sport) anerersäits mëcht et Orientéirung méi schwiereg.
   D'Jugend vun haut soll versichen, hir Plaz an der Gesellschaft verantwortungsvoll anzehuelen.
   Um Land ze liewen bedäit fir mech enke Kontakt mat der Natur awer daks wäit Weër fir an d'Schoul, op d'Aarbecht, op kulturell, sportlech an aner Manifestatiounen.

3. **Nennt dräi Gebäier, déi Aerer Menung no, unbedingt an een Duerf erageheieren.**
   Wou Jonk an Al zesummekomme, fir mateneen ze schwätzen an ze feieren
   Eng Plaz fir ze spillen
   Eng Plaz fir d'Veräiner a kulturell Manifestatiounen.

4. **Aer Erwardungen un d'LJ:** Si soll mat hiren Aktivitéiten d'Landjugend uspriechen an d'Interessen vun der Basis vertrieden.

5. **Wat sin Aer 2 Wënsch fir een 25jähregen:**
   Engagéiert a motivéiert Mêmberen a Mataarbechterinnen a Mataarbechter; vill Dynamik fir an dat nächst Jordausend eranzegoën.

NO gefrot

Numm:	BISDORFF
Virnumm:	Sylvie
Beruf:	Léierin
Alter:	45
Wunnuert:	Ettelbréck
Schaffuert:	Buurschent

NO gefrot

Numm:	BODEN
Virnumm:	Fernand
Beruff:	Minister
Alter:	55
Wunnuert:	Iechternach
Schaffuert:	Lëtzebuerg

1. **Waart Dir an Ärer Jugend Mêmber vun engem Jugendmouvement resp. enger Jugendorganisatioun?**
   Scouten, CSJ, Jeunesses européennes.

   Wa „Jo", wat huet Iech dat bruecht?
   Eng Schoul fir d'Liewen (Scouten)
   Eng gutt Léierzäit fir méng spéider politesch Aktivitéiten (CSJ).
   Erkenntnis vun der Wichtegkeet vun engem Mateneen an Europa an Asazbereetschaft fir den Ofbau vu Grenzen (Jeunesses européennes).

   Wa „neen", fir wat nët?
   /

2. **Féiert dës Sätz virun:**
   D'Jugend vun haut as am Kär gesond an duerf nët iwwert ee Leescht gezu gin.
   D'Jugend vun haut huet et haut méi schwéier, hire Wee ze fannen, a brauch dobäi Versteesdemech an Ennerstëtzung.
   D'Jugend vun haut soll sech engagéieren a léieren, Verantwortung ze iwwerhuelen.
   Um Land ze liewen bedeit fir mech Liewensqualitéit an Duerfgemeinschaft, déi et gëlt duerch Engagement an Zesummenaarbecht ze erhalen.

3. **Nennt dräi Gebaier, déi Ärer Menung no unbedingt an een Duerf eragehéieren.**
   a. Kiirch
   b. Veräinshaus
   c. Bauerenhaff

4. **Är Erwaardungen un d'LJ:** Respekt vun de chrëschtleche Grondwäerter a konsequenten Asaz fir méi Liewensfreed a Vitalitéit am ländleche Raum.

5. **Wat sin Är 2 Wënsch fir ee 25järegen:**
   Weiderhin vill Erfolleg am Asaz fir de ländleche Raum a bei der Entwécklungshëllef. Nach vill flott an interessant Landjugenddeg an eng permanent Erneierung an Ärer Organisatioun.

1. **Waart Dir an Ärer Jugend Mêmber vun engem Jugendmouvement resp. enger Jugendorganisatioun?**

   Wa „Jo" wat huet Iech dat bruecht?
   Meeschtens vill Freed, duerch si as och mäi spéidert gesellschaftlecht a berufflecht Engagement geprägt gin.

   Wann „neen", fir wat nët?
   /

2. **Féiert dës Sätz virun:**
   D'Jugend vun haut as nët esou schlecht, wéi munch Leit behaapten.
   D'Jugend vun haut huet eng grouss Chance viru sech.
   D'Jugend vun haut soll hir Zukunft selwer an de Grëff huelen.
   Um Land ze liewe bedeit fir mech de Choix, e bestëmmtent Liewen ze féieren, dat anescht as ewéi an enger Stad.

3. **Nennt dräi Gebaier, déi Ärer Menung no unbedingt an een Duerf eragehéieren.**
   a. Schoul
   b. Gemengenhaus
   c. Kläranlag

4. **Är Erwaardungen un d'LJ:** Konsequent Vertriedung vun de kollektiven Intérêtë vun hire Mêmberen.

5. **Wat sin Är 2 Wënsch fir ee 25järegen:**
   Neien Elan huelen.
   Dene Jonken eng aktiv Bedelegung erméiglechen.

NO gefrot

Numm:	BODRY
Virnumm:	Alex
Beruff:	Minister
Alter:	40
Wunnuert:	Diddeléng
Schaffuert:	d'Stad

NO gefrot

Numm:	DURDU
Virnumm:	Agny
Beruff:	Avocat/ Député-maire
Alter:	34
Wunnuert:	Hamiville
Schaffuert:	Lëtzebuerg/ Wëntger

1. **Waart Dir an Ärer Jugend Mêmber vun engem Jugendmouvement resp. enger Jugendorganisatioun**
   Non.

   Wa „Jo", wat huet Iech dat bruecht?
   /

   Wann „neen", fir wat nët?
   Il n'y avait pas de „Jeunesse dans mon village, d'un autre côté j'ai été à l'internat et je n'avais plus la possibilité matérielle d'adhérer à une société locale."

2. **Féiert dës Sätz virun:**
   D'Jugend vun haut as exigente.
   D'Jugend vun haut est exposée à un environnement difficilement gérable.
   D'Jugend vun haut soll prendre la vie à deux mains.
   Um Land ze liewen bedeit fir mech rester moi-même.

3. **Nennt dräi Gebaier, déi Ärer Menung no unbedingt an een Duerf eragehéieren.**
   a. Un bâtiment logeant les sociétés locales
   b. Une église
   c. Des femmes et autres professions libérales

4. **Är Erwaardungen un d'LJ:** garder la persévérance pour défendre les intérêts de la jeunesse vivant en milieu rural.

5. **Wat sin Är 2 Wënsch fir ee 25järegen:**
   Chance et santé.
   Croire en soi-même sans devenir arrogant.

1. **Waart Dir an Ärer Jugend Mêmber vun engem Jugendmouvement resp. enger Jugendorganisatioun?**
   Neen.

   Wa „Jo", wat huet Iech dat bruecht?
   /

   Wann „neen", fir wat nët?
   Well ech schon a Sports- a Kulturveräiner zu Biekerech aktiv war.

2. **Féiert dës Sätz virun:**
   D'Jugend vun haut as méi selbstbewosst wéi fréier.
   D'Jugend vun haut huet vill Méiglechketen, dëst Selbstbewosstsäin anzesetzen.
   D'Jugend vun haut soll sech nët klengkréie loossen.
   Um Land ze liewen bedeit fir mech de Kontakt zur Natur, zu de Mënschen an domat zur Realitéit behalen.

3. **Nennt dräi Gebaier, déi Ärer Menung no unbedingt an een Duerf erageheieren.**
   a. Eng Schoul
   b. E Café
   c. E Bauerenhaff

4. **Är Erwaardungen un d'LJ:** Si soll sech fir eng egestännig Entwécklung vum ländliche Raum asetzen, fir dass en och an Zukunft attraktiv fir jonk Leit bleift.

5. **Wat sin Är 2 Wënsch fir een 25järegen:**
   Vill Courage a vill Kreativitéit.

NO gefrot

Numm:	GIRA
Virnumm:	Camille
Beruff:	Deputéierten/ Buurgermeeschter
Alter:	40 Joer
Wunnuert:	Biekerech
Schaffuert:	Lëtzebuerg/ Biekerech

NO gefrot

Numm:	HALSDORF
Virnumm:	Claude
Beruff:	Deputéierten/ Professer
Alter:	53
Wunnuert:	Waarken
Schaffuert:	Lëtzebuerg/ Ettelbréck

1. **Waart Dir an Ärer Jugend Mêmber vun engem Jugendmouvement resp. enger Jugendorganisatioun?**

   Wa „Jo", wat huet Iech dat bruecht?
   Opbau vun dauernder Kolleg- a Frëndschaft, léieren aneren nozelauschteren, d'Menunge vun anere Leit ze akzeptéieren an ze respektéieren.

   Wann „neen", fir wat nët?
   /

2. **Féiert dës Sätz virun:**
   D'Jugend vun haut as vill besser, wéi si oft gemaach gët.
   D'Jugend vun haut huet och haut eng interessant Zukunft viru sech.
   D'Jugend vun haut soll un hir Zukunft glewen a positiv denken.
   Um Land ze liewen bedeit fir mech ee Privileg géintiwer denen, déi mussen an enger Grouss-Stad liewen.

3. **Nennt dräi Gebaier, déi Ärer Menung no unbedingt an een Duerf eragehéieren.**
   a. Kiirch
   b. Schoul
   c. Versammlungsraum (z. B. Kulturzentrum)

4. **Är Erwaardungen un d'LJ:** weider schaffen an deem Geescht, deen déi lescht 25 Joer geprägt huet.

5. **Wat sin Är 2 Wënsch fir ee 25järegen:**
   Dynamesch an a positivem Geescht un d'Problemer erugoen, déi sech stellen, am Intérêt vun der Landjugend.

1. **Waart Dir an Ärer Jugend Mêmber vun engem Jugendmouvement resp. enger Jugendorganisatioun?**
Ech war an der deemoleger „Jeunesse" vu Konstem-Holztem.

Wa „Jo", wat huet Iech dat bruecht?
Well ech am Internat war, konnt ech nët ganz aktiv derbäi sen an hun eréischt als Seminarist d'JOC kennegeléiert. Dorophin hun ech aktiv um groussen Euro-Rallye zu Stroossbuerg matgemaach, vill Kontakter kritt a munches geléiert. E Bléck iwwer d'Grenzen as wichteg fir e Jugendlechen.

Wann „neen", fir wat nët?
/

2. **Féiert dës Sätz virun:**
D'Jugend vun haut as derwäert, datt ee sech vill Zäit fir si hëlt.
D'Jugend vun haut huet e feint Gespir fir Gerechtegkeet awer nët ëmmer de „laangen Otem" a geheit ze séier d'Klëppele bei d'Tromm.
D'Jugend vun haut soll sech kritesch-konstruktiv mat Gesellschaft a Kiirch auserneesetzen an dann Hand mat upaken.
Um Land ze liewe bedeit fir mech e gesond (natiirlecht) Verhältnës zu Natur an Emwelt an duurch dat „Iwwerschaubaart" eng besser Liewesqualitéit, och an den zwëschemënschleche Bezéiungen.

3. **Nennt dräi Gebaier, déi Ärer Menung no unbedingt an een Duerf erageheieren.**
Am allgemengen: déi Gebaier, déi zur Begéignong féieren, Kontakt förderen an Anonymitéit briechen. Dat kënne sin: z. B. d'Kiirch, wann se eng „oppe" Gemeinschaft as an – och ausser dem Gottesdéngscht – Déngscht um Mënsch as. E Veräinshaus mat – wa méiglech – engem Raum fir d'Jugend. E Bistro mat Duerfambiance.

4. **Är Erwaardungen un d'LJ:** Mat derzou bäidroen, den Dierfer eng Séil ze gin.
Den Dialog sichen (sech nët isoléieren, sech och an den Duerfveräiner engagéieren).
Hoffnung ausstralen.

5. **Wat sin Är 2 Wënsch fir ee 25järegen:**
Begeeschterung an Ausdauer.
En Dram behalen, awer nët laanscht d'Realitéit.

Numm:	KIRSCH
Virnumm:	Léon
Beruff:	Dechen, Responsable vun der Pastoral-Regioun „Norden"
Alter:	60 Joer
Wunnuert:	Wolz
Schaffuert:	Pastoralregioun Norden

NO gefrot

Numm:	KONTER
Virnumm:	Norbert
Beruff:	Receveur communal e.r.
Alter:	71
Wunnuert:	Créiwemaacher
Schaffuert:	idem

1. **Waart Dir an Ärer Jugend Mêmber vun engem Jugendmouvement resp. enger Jugendorganisatioun?**
   Nee, mein Jugend as an d'Krichszäit gefall (Nazibesetzung).

   Wa „Jo", wat huet Iech dat bruecht?
   /

   Wann „neen", fir wat nët?
   Voir en haut

2. **Féiert dës Sätz virun:**
   D'Jugend vun haut as nët schlechter an nët besser wéi mir fréier.
   D'Jugend vun haut huet et méi schwéier, fir sech ze orientéieren.
   D'Jugend vun haut soll sech un déi klasseg, bestänneg Wäerter halen.
   Um Land ze liewen bedeit fir mech (keng Äntwert).

3. **Nennt dräi Gebaier, déi Ärer Menung no unbedingt an een Duerf eragehéieren.**
   a. Mairie
   b. Kirech
   c. Schull

4. **Är Erwaardungen un d'LJ:** datt se trotz alle Schwiregketen d'Klëpplen nët bei d'Tromm geheit, well mir brauchen en performant Landwirtschaft.

5. **Wat sin Är 2 Wënsch fir ee 25järegen:**
   Datt et en Dag gët, deen als ee gefeiert gët, dee mat gëllene Buchstawen an d'Geschicht ageet, nom Motto: Liewe kann nëmmen am Bléck no réckwäerts verstan, awer nëmme mam Bléck no vir gelieft gin.

1. Waart Dir an Ärer Jugend Mêmber vun engem Jugendmouvement resp. enger Jugendorganisatioun?

Wa „Jo", wat huet Iech dat bruecht?
Ech war an de Guiden.
Et huet mir bruecht: Frëndschaft, léieren zesummenhalen, Equipegeescht, Naturverbonnenheet a.s.w.

Wann „neen", fir wat nët?
/

2. Féiert dës Sätz virun:
D'Jugend vun haut as an der Rei!
D'Jugend vun haut huet nët ëmmer genuch Engagement an der Gesellschaft.
D'Jugend vun haut soll sech méi oft zu Wuurt mellen.
Um Land ze liewe bedeit fir mech eng Chance, déi een notze soll.

3. Nennt dräi Gebaier, déi Ärer Menung no unbedingt an een Duerf eragehéieren.
En Duerf as keng Gemeng also:
a. Bauerenhaff
b. Café mat Kelebunn
c. Kiirch

An eng Gemeng gehéiert allerdéngs:
a. Schoul
b. Gemeng
c. Centre culturel

4. Är Erwaardungen un d'LJ: Datt si sech asetzt, fir datt jonk Leit, déi trotz der schwireger Situatioun motivéiert sin an der Landwirtschaft ze schaffen, déi dofir néidesch Ennerstëtzung kréien.

5. Wat sin Är 2 Wënsch fir ee 25järegen:
a. Motivéiert Mêmberen, voller Iddien an Enthusiasmus!
b. Ennerstëtzung vun de politesch Verantwortlechen.

NO gefrot

Numm:	KUFFER
Virnumm:	Françoise
Beruff:	Deputéiert
Alter:	38
Wunnuert:	Iechternach
Schaffuert:	Lëtzebuerg

NO gefrot

Numm:	MEHLEN
Virnumm:	Robert
Beruff:	Bauer
Alter:	49 Joer
Wunnuert:	Manternach
Schaffuert:	Manternach

1. Waart Dir an Ärer Jugend Mêmber vun engem Jugendmouvement resp. enger Jugendorganisatioun?

Wa „Jo", wat huet Iech dat bruecht?
Nei Bekanntschaften a Frëndschaften, déi zum Deel bis haut gehalen hun, Erweiderung vum geeschtegen Horizont, méi eng grouss Kontaktfredegkeet, Erfarung am Emgank mat aneren, d'Experienz, fir virun enger gréisserer Zuel vu Leit opzetrieden, an nët zulescht vill schéi Stonnen, déi ech nët mësse wëllt.

Wann „neen", fir wat nët?
/

2. Féiert dës Sätz virun:
D'Jugend vun haut as dat, wat déi Erwuessen aus hir gemaach hun.
D'Jugend vun haut huet zwar méi Fräiheet wéi fréier, mee si huet et duerfir nët méi liicht.
D'Jugend vun haut soll nët fäerten, do wou et hir néideg schéngt, géint de Stroum ze schwammen.
Um Land ze liewe bedeit fir mech Liewen an a mat der Natur, Verbonnenheet mam Baueréberuff, manner Hektik a Koméidi, kuurzgefaasst: méi Liewensqualitéit.

3. Nennt dräi Gebaier, déi Ärer Menung no, unbedingt an een Duerf eragehéieren.
a. Kiirch
b. Schoul
c. Wiirtschaft

4. Är Erwaardungen un d'LJ: Datt si et fäerdegbréngt, déi Jonk aus de ländleche Regiounen zesummenzebréngen, bei jiddferengem Versteestemech fir d'Problemer vun deem aneren – a virun allem vun de jonke Baueren a Wënzer – wakereg ze ruffen, an d'Fähegkeet zu engem offenen, toleranten Emgank mateneen ze entwéckelen.

5. Wat sin Är 2 Wënsch fir ee 25järegen:
Looss Dech duerch näischt dronke maachen a géi riicht op Déngem Wee virun.
Datt sech ëmmer erëm jonk Leit bereet fannen, sech fräiwëlleg an den Déngscht vun Dénger Saach ze stellen.

1. **Waart Dir an Ärer Jugend Mêmber vun engem Jugendmouvement resp. enger Jugendorganisatioun?**

   Wa „Jo", wat huet Iech dat bruecht?
   Vill Lieweserfarung an en Engagement, wat nach ëmmer unhält.

   Wann „neen", fir wat nët?
   /

2. **Féiert dës Sätz virun:**
   D'Jugend vun haut as gefuerdert, hire Wee ze fannen.
   D'Jugend vun haut huet vill Méiglechketen, sech ze entfalen.
   D'Jugend vun haut soll esou vill wéi méiglech matbestëmmen.
   Um Land ze liewen, bedeit fir mech, méi mat der Natur verbonne sin.

3. **Nennt dräi Gebaier, déi Ärer Menung no unbedingt an een Duerf erageheieren.**
   a. En Treffpunkt z. B. Kiirch
   b. Eng Schoul
   c. Bauerebetriber

4. **Är Erwaardungen un d'LJ:** d'Interesse vun der Landjugend gutt ze vertrieden.

5. **Wat sin Är 2 Wënsch fir ee 25järegen:**
   Nach 25 Joer laang eng Organisatioun fir d'Landjugend.
   Vill nei Mêmberen.

NO gefrot

Numm:	MULLER
Virnumm:	Frantz-Ch.
Beruff:	Direkter SNJ
Alter:	56
Wunnuert:	Schraasseg
Schaffuert:	Lëtzebuerg

NO gefrot

Numm:	STROTZ
Virnumm:	Néckel
Beruff:	Ingénieur industriel/ Député
Alter:	58
Wunnuert:	Bech-Klengmaacher
Schaffuert:	id • Lëtzebuerg

1. Waart Dir an Ärer Jugend Mêmber vun engem Jugendmouvement resp. enger Jugendorganisatioun?

Wa „Jo", wat huet Iech dat bruecht?
Kontakt mat de Komeroden; Loscht um Abenteuer; Problemer diskutéieren, si besser verstoën a gemeinsam no Léisunge sichen; Förderung vum Gemeinschaftssënn an Hëllefsbereetschaft.

Wann „neen", fir wat nët?
/

2. Féiert dës Sätz virun:
D'Jugend vun haut as spontan, kritesch an as nët zefridde mat schéine Wieder.
D'Jugend vun haut huet e Recht op eng beschtméiglech Formatioun.
D'Jugend vun haut soll Verantwortung iwwerhuelen a positiv matschaffen.
Um Land ze liewen bedeit fir mech eng aner, awer oft besser Liewensqualitéit.

3. Nennt dräi Gebaier, déi Ärer Menung no unbedingt an een Duerf eragehéieren.
a. D'Kiirch a wa méiglech d'Schoul
b. Gemengenhaus
c. E Bistro an e Versammlungsraum

4. Är Erwaardungen un d'LJ: nët ze resignéieren a Vertrauen an d'Zukunft ze hun; Matgestaltung vum ländleche Raum a positiv Akzenter setzen; den Asaz an den Drëtt-Welt-Länner weider förderen.

5. Wat sin Är 2 Wënsch fir ee 25järegen:
Sech weider ze behaapten nom Motto: „Wien d'Vergaangenheet kennt, meeschtert d'Zukunft".
Dass Är Uleis vun der Politik nach méi eescht geholl gin an Dir doraus Vertrauen a Courage fir Är zukünfteg Aarbecht am Déngscht vun der Landjugend a vum Erhalt vum ländleche Raum fand.

1. **Wart Dir an Ärer Jugend Mêmber vun engem Jugendmouvement resp. enger Jugendorganisatioun?**

   Wa „jo", wat huet lech dat bruecht?
   Kollegialitéit, Sënn fir Engagement, Freed fir ze hëllefen, Solidaritéit fir zesummen eppes ze ënnerhuelen.

   Wa neen, firwat nët?
   /

2. **Féiert dës Sätz virun:**
   D'Jugend vun haut as an der Rei.
   D'Jugend vun haut huet méi Fräiheet, méi Méiglechkeeten.
   D'Jugend vun haut soll sech an eiser Gesellschaft versichen ze integréieren. Um Land ze liewen bedäit fir mech méi naturnoh liewen.

3. **Nennt dräi Gebäier, déi Ärer Menung no, onbedingt an een Duerf eragehéieren.**
   a. D'Kiirch
   b. D'Schoul
   c. De centre culturel et sportif

4. **Är Erwardungen un d'LJ:** sech der Zäit upassen.

5. **Wat sin Är 2 Wënsch fir e 25järegen:** Eng gudd Formatioun an Ausbildung ze hun. E gudde Matbierger ze sin.

NO gefrot

Numm:	WAGENER
Virnumm:	Jean-Pierre
Beruf:	Ingenieur
Alter:	63
Wunnuert:	Lëtzebuerg
Schaffuert:	Réimech

NO gefrot

Numm:	WAGNER
Virnumm:	Carlo
Beruff:	Député-maire/ Bankeberoder
Alter:	45
Wunnuert:	Wuermeldéng
Schaffuert:	Lëtzebuerg

1. **Waart Dir an Ärer Jugend Mêmber vun engem Jugendmouvement resp. enger Jugendorganisatioun?**
   Club des jeunes/Jeunesse démocratique

   Wa „Jo", wat huet Iech dat bruecht?
   Nei Kontakter, aner jonk Leit kennegeléiert, Geleënheet ze diskutéieren, Organisatiounsgeescht, Solidaritéit a kollektivt Denken.

   Wann „neen", fir wat nët?
   /

2. **Féiert dës Sätz virun:**
   D'Jugend vun haut as opgeschlossen, kritesch, riicht eraus.
   D'Jugend vun haut huet Suerge fir d'Zukunft mee och vill Initiativ.
   D'Jugend vun haut soll nëmme kee Blad virun de Mond huelen.
   Um Land ze liewen, bedeit fir mech Rou, Solidaritéit, Natur a Liewesqualitéit.

3. **Nennt dräi Gebaier, déi Ärer Menung no unbedingt an een Duerf eragehéieren.**
   a. Veräinshaus
   b. Sportcenter
   c. Bistrot/Café

4. **Är Erwaardungen un d'LJ:** weiderhin efficace d'Intérête vun der Landjugend ze verdedegen an d'Qualitéite vum ländleche Raum erhalen.

5. **Wat sin Är 2 Wënsch fir ee 25järegen:**
   Vill Erfolleg an der Zukunft.
   Vill Freed a Satisfaktioun, déi ee sech berechtegt erwaart.